

Neijoersempfang 2019

Ried vum Buergermeeschter Jean-François Wirtz

Léif Verrieder vun de Veräiner, vum Léierpersonal a vun der Forstverwaltung, eisen Här Paschtouer, vun dem Gemengepersonal, vun eisem Jugendhaus, a vun der Police grand-ducale,

et ass mir eng grouss Freed lech haut dierfen ze begréissen.

Ech begréissen natierlech och eisen Éierebierger den Här Dr. Paul Weber esou wéi de Rhett Sinner Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Betzder (an d'Schwëstereken aus dem Institut St. Joseph vun Betzder), et fret eis datt dir och den Owend bei eis sidd.

Léif Betzder Leit, lech alleguerten am Numm vum Schäffen- a Gemengerot häerzlech wëllkomm hei um Neijoerspatt vun der Gemeng Betzder. Ech wënschen lech alleguer am Numm vum Gemengerot an och a mengem perséinlechen Numm e glécklecht an e schéint neit Joer, an dat wichtegst, eng gutt Gesondheet!

Virun engem Joer, de 7. Januar, hate mir eis zu Menster am Centre Culturel gesi fir op dat neit Joer ungestoussen. Vun deemools bis haut ass vill geschitt. Sëlloch Projete si weidergedriwwen ginn a kommen dëst Joer zum Ofschluss. Nei Projete si gestëmmt ginn a wäerten dëst Joer an d'Realitéit ëmgesat ginn. Eng Rëtsch aner Projete wäerten dëst Joer op den Instanzewee goen, a soubal déi erfuerderlech Genehmegungen do sinn, dann an d'Soumissioun goe fir duerno um Terrain ëmgesat ze ginn.

Ech denken datt et e gudden Moment ass fir lech, léif Bierger, e kuerze Resumé ze maachen vun deem, wat am leschte Joer realiséiert gouf an vun deem wat mir eis fir dëst Joer virgeholl hunn:

E grouss Bauprojet, an deem et dorëms geet, och an Zukunft d'Sécherheet an eiser Gemeng ze garantéieren, ass de Bau vun der neier Pompjeeskasär zu Menster uewen op der *Rothoicht* vis-à-vis vun der *Panelux*. D'Soumissioun si raus, d'Baugeneemegung ass ënnerschriwwen. Mir waarden nach op déi lescht Genehmegungen, an da wäert et mam Bau vun der neier Pompjeeskasär endlech lass goen.

Beim Plange vun dësem Projet hu mir mat de spezialiséierte Bureau d'Étude gemierkt, dat demnächst och de Waasserbaseng zu Rued-Sir muss vergréissert ginn. E Projet deen net virgesi war, awer noutwenneg ass, fir och an Zukunft lech, léif Bierger, mat Dréinkwaasser kënnen ze versueren, an natierlech och fir am Fall vun engem Brand dat neidescht Läschwaasser zu Rued zur Verfügung ze hunn.

E weidere Projet, dee viru kuerzem an d'Realisatiounsphase gaangen ass, ass de Projet "Ënnescht Wierts" zu Menster an der *rue du Canal* nieft der *Fieweschplaz*. E Projet, deen de Veräiner zu gutt wäert kommen, hinnen d'Aarbecht bei hire Fester an Aktivitéiten ënnen op der *Fieweschplaz* wäert erlichteren. Dernieft entstoe nach Raimlechkeeten fir kulturell Zwecker, a gläichzäiteg ginn nach 2 Wunnenge gebaut.

Stéchwuert Wunnengen: E Projet, den am Fréijoer dëst Joer wäert ofgeschloss ginn, ass deen zu Menster an der *rue de la Grotte*, wou 3 weider Wunnengen fir jonk Leit wäerten fäerdeg ginn.

Mir hunn 2018 och konsequent un der Ausaarbechtung vun eisen 2 neien Wunnengsbauprojetë geschafft:

De Wunnengsbauprojet zu Bierg "Op de Laangfelder" ass an enger Aarbechtssitzung dem Gemengerot virgestallt ginn. Hei sinn elo d'Wäichen gestallt fir an den nächste Wochen de PAP ze stëmmen, deen de Bau vu 24 Wunnunitéiten virgesäit. E Wunnengsbauprojet, deen no den Critèren vun engem nohaltegen, autofräie Wunnquartéier zu erschwéngleche Präisser geplangt ginn ass.

Wat de Wunnengsbauprojet zu Betzder um Site vun der aler Schoul betrëfft, hu mir e Plang ausgeschafft, dee mir dem Gemengerot an enger nächster Aarbechtssatzung virstelle wëllen.

Hei wëllen mir fir jonk Stéit a fir eeler Leit Wunnenge bauen. Gesprécher mat engem Hëllef- a Fleegedéngscht lafe fir ze kucken, wéi een op dëser Platz dat soziaalt Zesummeliewe beschtméiglechst encadréiere kann.

Vis-à-vis steet déi al Scheier: an dëser Scheier, déi momentan un eng Asbl. verlount ass, wëllen mir Raimlechkeete schafen, déi der Allgemengheet ze gutt kommen. An deenen nächste Woche wäerte mir eng Versammlung mat de Betzder Bierger organiséieren, wou mir a Form vun engem Workshop Iddie wëlle sammeln fir och hei weider ze kommen.

En anere weidere Projet, deen an deenen nächsten 2 Méint wäert fäerdeg ginn a wou d'Aweigung virun der Dir steet, ass de Projet "Iewescht Bowéngs" zu Rued. Am alen Haus zu Rued niest dem Scoutshome stinn dann eisem Jugendhaus an de „Widdebierger 50+“ nei Raimlechkeeten fir hir Aktivitéiten zur Verfügung.

Stéchwuert Stroossebau:

Dëst Joer wäert dann och de Reaménagement vun der *rue de Menster* zu Rued-Sir fäerdeg ginn a mat dem Reaménagement vun der *rue de la Gare* zu Betzder wäert et nom Kollektivcongé am September dann hoffentlech och lass goen!

Mat der *rue de la Gare* zu Rued kann et ëm dee selwechten Zäitpunkt lassgoen, d. h. Enn dëst Joers, d'Stroossebauverwaltung (Ponts & Chaussées) mécht d'Ausschreibungen.

En neien Projet am Budget, un deem mir d'lescht Joer vill geschafft hunn, -dir kennt en, et war e flotten Artikel doriwwer an der Zeitung- ass de Projet vum ale "Café de l'Amérique" zu Ouljen. E Projet, dee vill Voleten ofdeckt. Mir wëllen dës Gebailechkeeten nees neit Liewe ginn, andeems mir de Kader schafe fir e Famillje frëndleche Restaurant, genee do, wou fréier de "Café de l'Amérique" dra war.

Zwee "Bed a Breakfast"-Zëmmeren fir den "Tourisme villageois" ze förderen wäerten an deen hënneschten Deel vun der Scheier integréiert ginn. De Projet beinhalt och de Bau vun 3 weidere Wunnengen am Rescht vum Gebai. A wat eis ganz sënnvoll schéngt ass, datt mir e Verbindungswee vun dëser Plaz bis bei de Site vun der aler Millen bauen. Op dës Manéier hu mir eng praktesch Verbindung vum Duerfkär zur Ouljer Millen geschaf. Gläichzäiteg verpasse mir net d'Gelegenheet, fir op dem Tracé vun der Roudemerbach, déi jo do laanscht d'Wiss an d'Syr leeft, eng punktuell Renaturéierung ze maachen.

E weideren neien Projet, deen am leschten Joer ausgeschafft gouf, an den dëst Joer och um Terrain ëmgesat gëtt: d'Gemeinschaftsgäert ("jardins communautaires") zu Rued-Sir. Hei handelt et sech och ëm en nohaltege Projet, wou schonn eng 20 Leit sech ugemellt hunn fir aktiv matzeschaffen an eng Gaardeparzell loune wëllen. Jidderee kann hei nach matschaffen a mir wëlle mat all den interesséierte Bierger zesammen eng Kéier 1-2 Samschdeger op der Plaz un der Realisatioun vun dësem Projet hëllef.

Dat waren elo déi grouss Projeten, d'"Big Points", déi vum Montant hier richtig vill Geld kaschten an am Budget déi gréissten Ausgaben ausmaachen. Mee donieft, léif Leit, ginn et nach vill aner klenger Projeten, Actiounen, Déngschtleschtungen déi fir Iech, fir eis Veräiner, a fir eis Ëmwelt net manner wichteg sinn.

Ech denken un:

Stéchwuert Mobilitéit:

- de geplangten Aménagement vun enger Vëlospist tëschent Rued an Nidderaanwen;
- de geplangte Verbindungswee vun der Betzder Gare bis an d'Zone audiovisuelle;
- d'Installatioun vun enger Mbox um Schoulcampus zu Rued-Sir;
- eis Subventiounen fir d'Aspuere vun Energie;
- d'Weiderféierung vun der Renaturéierung vun der Sir;
- d'Analyse vu weidere Méiglechkeete fir Diecher vu Gemengegebaier mat Photovoltaik ze équipéieren;
- weider "Chargy"-Bornen ze installéieren.

- D'Offer vun eisem *Betzbus*, déi mir erweidert hunn. D'Statistike sinn net ideal a mir musse kucken, ob et méiglech ass, fir nach weider Efforten ze maachen ouni datt d'Käschte klammen.

Fir eis kléng Bierger:

Mir bauen nei Spillplazen zu Ouljen um Site vun der "aler Millen", zu Rued beim Précoce an zu Bierg bei der aler Schoul.

Maison Relais a Schoul:

Mir hunn een Eefamilljenhaus kaf, wat un de Schoulcampus uschléisst. Op dëser Plaz plange mir en neit Gebai ze bauen fir eis non-scolariséiert Kanner, déi an der Maison Relais ageschriwwen sinn. D'Planunge fir dëst Gebai hu virun kuerzem ugefaangen. Dëst erlaabt eis et, an dem alen Gebai vun der Maison Relais d'Kichen ze vergréisseren an zousätzlech Reserveplazen fir d'Précoce- an d'Spillschoulskanner ze schafen.

An dësem Kontext sinn ech och op d'Konklusiounen vun eiser "Enquête de Satisfactioun" betreffend eis Maison Relais gespaant. De Büro huet eis matgedeelt, dass d'Auswertung sou gutt wéi fäerdeg ass.

Ech sinn awer op e besonnesche Projet ganz houfreg. E Projet dee weist, datt mir eng ganz gutt Relatioun mat eisen Nopeschgemengen hunn, an hei gutt Iwerzeegungsaarbecht bei hire Schänneréit gelescht hunn. D'Gemengen Niederanven a Jonglënster si mat bei eis an d'Boot geklomm fir gemeinsam a mat der Zesummenaarbecht vum Office Social eng Zweigstell vum RTPH d.h. "Réseau pour le Travail et la Promotion Humaine" op ze maachen. De Büro ass zu Rued an de Raimlechkeete vun der fréierer Recette an der aler Gemeng.

D'RTPH ass e Formatiounszentrum, deen et zënter 1997 gëtt. De Service begleet all d'Leit op der sich no enger Aarbecht an hëlleft hinnen. Den RTPH ass spezialiséiert op Formatiounen betreffend e Retour an d'Aarbechtswelt a mir si frou als Gemeng Betzder dozou bäizedroen, fir eng weider Aarbechtsbeschafungsmoossnam ze ënnerstëtzen an op deem Wee, deem een oder aneren ze hëllef, nees eng Aarbecht ze fannen.

Stéchwuert Kultur:

Eis kulturell Offer am Syrkus hu mir probéiert ze diversifizéieren, a fir eis jonk Familljen a Kanner goufe passend zur Chrëschtzäit Sonndes, den 23. Dezember zwou Kanner Bande-Dessinée'en gewisen. De Syrkus war gutt besicht an de Kléngen souwéi den Elteren huet et gutt gefall.

Mir sinn och houfreg op de Succès vun eisem neien Konzept "Concert an der Expo", wou mir a engem méi klengen Kader zu Rued an der "aler Kirch" eng flott Formule an d'Liewe geruff hu fir Ausstellung mat klengere Concerten ze kombinéieren. E Genoss fir all Kultur- a Museksfrënd.

Fir all dës Déngschtleeschungen an Aktivitéiten lech, léif Biergerinnen a Bierger, och sou gutt wéi méiglech matzedeele, hu mir eisen Internetsite ganz nei gemaach, an an engem neien Layout fannt dir do sämtlech Informatiounen zeréck.

Zanter Dezember 2017 ass d'Gemeng Betzder och op Facebook present a mir hu versicht, lech iwwert eise Gemengebuert sämtlech Informatiounen besser ze iwwermëttelen, dëst z. Bsp. iwwert eng zousätzlech „Spezialbäilag“, déi zu engem spezifeschen Thema all wichteg Informatiounen zesummeffasst.

E weidere groussen Dossier, den an dësem Joer ofgeschloss wäert ginn, ass eisen neie PAG (Plan d'aménagement général/allgemenge Bebauungsplang). De Bebauungsplang ass dat Instrument, mat dem mir d'Entwécklung vun eiser Gemeng raimlech an zäitlech wäerte steieren.

Ech wëll lech och matdeelen, dass d'Gemeng Betzder haut op den Dag 3.999 Awunner zielt.

All dës Projeten sinn am Budget chiffriert. E Budget, deen an der Gemengerotssëtzung vum 14. Dezember 2018 à l'unanimité gestëmmt gouf. Ech soen alle Membere vum Gemengerot "Merci" fir hiert Vertrauen.

Mir denken och drun, am Februar eng Aart "Roadshow" betreffend de Budget ze maache fir Iech, léif Leit, méi am Detail doriwwer ze informéieren, wou iwwerhaupt déi Suen hierkommen a wéi si wou a wéini ausgi ginn.

Mir hunn an der Annexe dohanne Pläng opgehaangen, Dir kënnt Iech och haut schonn een Deel vun deenen Projeten ukucken, iwwert déi ech elo just geschwat hunn.

Zum Schluss vun menger Ried wëll ech awer nach e puer Mercie lass ginn.

An dat ass un de Marc an den Holdy fir déi gutt Zesummenaarbecht am Schäfferot, all de Conseillere fir hir konstruktiv Mataarbecht am Gemengerot, an Iech, léif Biergerinnen a Bierger, fir äert Kommen haut. Dat weist, datt et Iech net gläichgülteg ass, wat an der Gemeng geschitt an, datt Dir Iech dofir interesséiert.

Ech soen Iech och fir äert gesellschaftlecht Engagement, sief et am Alldag oder an de Veräiner oder an enger vun eise berodende Kommissiounen, villmools Merci.

Dir drot dozou bäi, datt d'Gemeng Betzder keng "commune dortoire" ass, mee eng lieweg Gemeng an der op sämtlechen Niveaue vill fir de sozialen Zesummenhalt geschitt a gemaach gëtt.

Ech profitéieren vun der Geleeënheet an invitéieren Iech schonn alleguerten fir den 22. Juni owes op Menster ze kommen, wou mir dëst Joer mat Iech zesummen wëllen eisen Nationalfeierdag feieren.

Iech all nach e schéint neit Joer, an elo geet et op den Éierewäin: Prost Neit Joer!

Merci.